ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 08/05/2026

# Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 20.04.2026

## Punkt 1 : Presenzlëscht

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present |
|---|---|
| ***LESCH*** Luc | |
| ***LOSCH*** Gilles (Präsident & Sekretär) | ***SEDRANI*** Catherine (entschëllegt) |
| ***MALHERBE*** Louis | ***STOCCO*** Mauro (entschëllegt) |
| ***PESCH*** Serge | ***QUAZZOTTI*** Luca (entschëllegt) |
| ***WIRTZ*** Pascal | ***WINANDY*** Tom (entschëllegt) |
| ***WIRTZ*** Pit | |
| ***VOSMAN*** Joske | |

## Punkt 2: Validatioun lëschte Rapport (09.03.2026)

De Rapport ass eestëmmeg ugeholl ginn

## Punkt 3: Bilan "Grouss Botz" vum 28. Mäerz 2026

D'Kommissioun zitt e positive Bilan vun der Aktioun "Grouss Botz". Trotz dem schlechte Wieder waren iwwerraschend vill Leit a Veräiner present fir ze hëllefen, wat de groussen Engagement an der Gemeng Helperknapp ënnersträicht.

**1. Analyse vum Oflaf an dem Tier:**

- De geplangte Programm konnt reiwungslos duerchgezunn ginn.
- D'Tier (vun deenen d'Detailer iwwer de Link http://g-o.lu/3/iZE2i ofruffbar sinn) waren "tiptop" organiséiert.
- Besonnesch ervirgehuewe goufen déi zwou kleng Upassunge bei de speziellen **Kannertier**. Dës méi kuerz Strecke goufe fir gutt befonna wäerten och fir d'Editioun 2027 genee esou bäibehal ginn.

**2. Logistik a Verpflegung:**

- **Logistik:** Den Transport mat de Camionnetten an dem Minibus huet ouni Problemer geklappt.
- **Iessen:** Et gouf festgestallt, datt et zu engem klenge Mëssverständnis tëscht der Kommissioun an dem Sekretariat koum. Obwuel d'Iessen (Ierzebulli a Spaghetti) bestallt war, gouf vergiess d'Gedrénks matzebestellen. Fir d'nächst Joer muss dëst obligatoresch erëm mat an d'Bestellung opgeholl ginn.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 08/05/2026

- **Upassungen am Menu fir 2027:**
  - Vum **Ierzebulli** kënnen an Zukunft **2 Barquetten manner** bestallt ginn.
  - Am Géigenzuch soll d'Quantitéit vun de **Spaghetti** erhéicht ginn. Et huet sech gewisen, datt dëse Menu net nëmme bei de Kanner, mee och bei den Erwuessene ganz beléift ass.
  - Zousätzlech gëtt fir d'nächst Joer eng kleng Portioun **vegetaresch Zooss** mat ageplangt.

**3. Quantitéit vum Dreck a Merci:**

- D'Quantitéit vum agesammelten Dreck war nees beuechtlech, wat d'Noutwendegkeet vun dëser Aktioun bestätegt.

**4. Kommunikatioun am Buet:** D'Sekretariat gëtt gebieden, e flotten Artikel fir den nächste Buet ze preparéieren. Zil ass et, am Numm vun der Gemeng an der Kommissioun all de Bierger an de Veräiner ee grousse **MERCI** fir hiert wäertvollt Engagement auszespriechen. D'Fotoe vum Jos solle fir dësen Artikel benotzt ginn.

## Propositioun fir den Text am Buet:

**MERCI fir Ären Asaz bei der "Grouss Botz" 2026!**

Samschdes, den 28. Mäerz, war et trotz naassem Wieder nees esou wäit: Vill fläisseg Hänn aus eiser Gemeng hu sech zesummefonnt, fir eis Natur vum Dreck ze befreien.

Ob Grouss oder Kleng, ob privat oder am Veräin – den Asaz war virbildlech! Dank Ärer Hëllef konnten d'Tier ronderëm eis Dierfer nees propper gemaach ginn. Als Belounung gouf et dono de verdéngten Ierzebulli a Spaghetti an der "Koll".

D'Gemeng Helperknapp an d'Ëmweltkommissioun soen jidderengem, deen mat ugepaakt huet, e grousse Merci fir dëst wichtegt Engagement fir eis Ëmwelt. Ee spezielle Merci geet och un d'Gemengepersonal an d'Membere vun der Kommissioun fir d'Organisatioun.

Mir freeën eis schonn op déi nächst Editioun 2027!

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 08/05/2026

## Punkt 4 : Asiatesch Runn: Aktiounsplang, Budget & Informatioun Bierger

Am Kader vun der nationaler Strategie géint d'Verbreedung vun der Asiatescher Runn (*Vespa velutina*) huet d'Kommissioun den neien Aktiounsplang diskutéiert:

**1. Update duerch déi nei staatlech Strategie:** D'Kommissioun huet de "Plan d'urgence 2026 Frelon asiatique" vum Ëmweltministère analyséiert.

- **Staatleche Subsid:** De Ministère bitt elo eng finanziell Bäisteier fir d'Eliminatioun vun den Näschter op Privatterrainen un, fir d'Bierger ze entlaaschten an d'Bekämpfung ze férderen.
- **Sensibiliséierung:** De staatleche Flyer gouf fir ganz gutt befonnt a soll direkt verdeelt ginn.
- **Kritik vun der Kommissioun:** D'Kommissioun huet kloer bedauert, datt net vum **Buet vun Ufank Abrëll** profitéiert gouf, fir d'Bierger schonns iwwer dëse Wee op d'Problematik an d'Erkenne vun der Runn ze sensibiliséieren. Eng fréi Informatioun ass entscheedend, well d'Kinniginnen am Fréijoer (Mäerz-Abrëll) nach isoléiert sinn an d'Primärnäschter méi einfach ze bekämpfen sinn.

**2. Ergänzung duerch de Gemengesubsid (Feedback Schäfferot vum 15/04/26):** D'Kommissioun ënnerstëtzt d'Propositioun, de staatleche Subsid duerch kommunal Mëttelen ze ergänzen:

- **Finanzéierung:** Dofir ginn déi Sue genotzt, déi op Virschlag vun der Ëmweltkommissioun schonns am **Dezember 2025 am Budget 2026** fir dësen Zweck virgesinn goufen.
- **Zousätzleche Subsid:** D'Gemeng leet bei Bedarf ee **Maximum vun 300 €** bäi, falls déi staatlech Hëllef net duergeet fir d'Gesamtkäschten ze decken.
- **Noutwendegkeet:** Dëst ass besonnesch wichteg fir déi méi grouss Sekundärnäschter (Mee-Juni), déi dacks a grousser Héicht (bis 10 m) an de Beem hänken an en däitlech méi héije finanziellen an techneschen Opwand fir d'Entfernung bedeiten.

**3. Prozedur fir d'Bierger:**

- **Meldung:** All Verdacht op en Nascht soll mat enger Foto an der Location un **neobiota@anf.etat.lu** gescheckt ginn.
- **Privatterrain:** Bierger sollen eng spezialiséiert Firma kontaktéieren an d'Rechnung fir d'Bäisteier beim Staat (via guichet.lu) an dono bei der Gemeng aschécken.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 08/05/2026

## Punkt 5: Pacte Nature : Analyse vu neie Moossnamen

Am Kader vum **Pacte Nature** gouf iwwert d'Moossnam **2.8 (Liewensraim fir Déieren am Siidlungsraum)** geschwaat:

**1. Zil vun der Moossnam:**

- D'Gemeng ass gefuerdert, spezifesch Infrastrukture fir Déieren op ëffentleche Flächen (oder Privatflächen mat enger Konventioun vun op d'mannst 9 Joer) am Siidlungsraum ze installéieren.
- Heibäi geet et ëm d'Färderung vun der Biodiversitéit duerch d'Schaffe vu Liewensraim fir z. B. Igel, Hieselmais, Reptilien oder Wëllbeien.
- Beispiller fir dës Installatioune sinn: Igelkëschten, Hieselmauskëschten, Steekéip oder -riegel, Doudholzkéip, Dréchemaueren (min. 5 m laang) souwéi Wëllbienennisthëllefe mat enger Mindestgréisst vun 0,5 m².

**2. Analyse an Aktualiséierung vun der Kaart:**

- D’Ëmweltkommissioun huet d'Kaart aus der leschter Versammlung nach eng Kéier gréndlech iwwerschafft an analyséiert.
- Als ideal Standuerter goufen zousätzlech interessant Plazen identifizéiert, besonnesch am Beräich vun de **Réckhaltebecken** an an den **neien PAPs** (Plans d'Aménagement Particulier).
- Dës Plazen bidden dacks dat néidegt rouegt Ëmfeld an déi néideg Konnektivitéit vun de Liewensraim, déi fir d'Zilaarten optimal sinn.
- Déi aktualiséiert Kaart mat den neie Propositiounen ass ënnert folgendem Link ze fannen:

  http://g-o.lu/3/QtXZq

**3. Nächst Schrëtt:**

- D'Kommissioun schléit vir, dës Lëscht u Plazen mat de Standuertbedingunge vum SICONA ofzegläichen an am nachsten Naturpaktteam ze beschwätzen

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 08/05/2026

## Punkt 6: Suivi Schoulgaartprojet (Helperknapp Campus)

De President huet d'Kommissioun iwwer den aktuelle Stand an d'Schwieregkeete beim Schoulgaart informéiert:

1. **Den Timings Chantier Schoulgaart erweiderungen:**

Den Amenagement vum Site geet weider: Elo am Mee Juni Juli sollen Deifbauaarbechten gemaach ginn duerno iwwer de Summer soll den neie Chalet op der de Kopp opgeriicht ginn, wat de ganze Campus an de pedagogesche Wäert vum Gaart weider opwäert.

**Propositioun: Ëmsetze vum Holzhaischen (Aal Schoul Tënten)**

An der Kommissioun gouf d'Iddi diskutéiert, dat existent Holzhaischen bei der aler Schoul zu Tënten ofzebauen an am neie Schoulgaart nees opzeriichten.

**Notzung a Funktioun:** Et ginn aktuell zwou Méiglechkeete fir d'Notzung gepréift:

- D'Ariichte vun engem Schofstall fir d'Beweedung vum Terrain.
- D'Notzung als Lager fir Gaardegeschir an Handwierksmaterial.

**Logistik an Ëmsetzung:**

- Transport: De Verlee vum Haische kéint eventuell an Zesummenaarbecht mat der Firma Toiture Eich realiséiert ginn. Dës Firma huet souwisou den Optrag fir den neien Chalet am Schoulgaart opzeriichten, wat logistesch Synergië bidden kéint.
- Infrastruktur: Falls d'Haischen als Schofstall genotzt soll ginn, gëtt recommandéiert, eng Betonsdall als Fundament ze preparéieren, fir d'Hygiène an d'Stabilitéit ze garantéieren.




**2. Aktuellen Challenge an Tëscheléisung fir pedagogesch  Begleedung vun den Schoulkanner :**

- De Schäfferot huet matgedeelt, datt de Moment leider kee Begleeder vum SICONA fonnt konnt ginn. Dofir kann de Schoulgaart dëst Fréijoer leider net bewirtschaft ginn.

- Fir d'Zukunft ass awer eng dauerhaft Léisung a Siicht: Et gëtt gepréift, fir ab dem nächste Schouljoer iwwer Extra-Stonnen d'Léierpersonal selwer méi aktiv an d'Gestioun vum Schoulgaart anzebannen.

**Alternativ Propositioun (Best Practice Stroossen):**

- E Member aus der Kommissioun huet op de Schoulgaartprojet zu Stroossen opmierksam gemaach, wou eng aner interessant Léisung fir d'Begleedung fonnt gouf.
- Do besteet e Kontrakt mat den Experten vun **COLABOR**. Dës iwwerhuelen de prakteschen Deel wéi d'Fräsen, d'Liwwerung vun de Planzen an och den Ënnerhalt vum Gaart während de Schoulvakanzen.
- D'Kommissioun schléit vir, dës Optioun als méiglech Ergänzung oder Alternativ ze préiwen, fir d'Léierpersonal entlaaschten an d'Kontinuitéit vum Gaart ze garantéieren.

**Standpunkt vun der Kommissioun:**

- D'Kommissioun bedauert zwar, datt de Gaart dëst Fréijoer brooch läit, ass awer frou, datt eng Perspektiv fir de September besteet.

## Punkt 7: Verschiddenes

**Naturpaktteam:** Et ass d'Fro gestallt ginn, wéini dat nächst Team zesummen kënnt. D'Sëtzung vum Dezember 2025 war wuel aus dem bekannte Mangel un Zait um Enn vum Joer annuléiert ginn. D'Kommissioun freet no engem neiem Datum fir e Feedback aus dem Team iwwer d'Virschléi, déi ëmgesat kënne ginn ze kréien.

**Nächste Rdv:** Well 4 Memberen net do waren, gouf en Doodle gemaach no der Ofstëmmung gouf majoritär fir den **15.Juni 2026** (owes 19:00 zu Tënten am VB) gesëmmt.

**Provisorëschen Agenda fir déi nächst Sëtzung:**

- Iwwerpréiwung vun der Ëmsetzung vun alle Virschléi vun de leschten 3 Joer.
- Eventuell Visite vum Schoulgaart-Chantier.
- Weider Analyse vun der Staarkreenstudie fir punktuell an einfach ëmsetzbar technesch Verbesserungen am Kader virzeschloen.



Administration communale Helperknapp
2, rue de Hollenfels | L - 7481 Tuntange
28 80 40 – 1
commune@helperknapp.lu
helperknapp.lu
@helperknapp

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech